Lëtzebuerg, den 9. November 2020

Traditionell ass den November an den Dezember eng schwéier Zéit fir d'Luxair, daat ass och dëst Joer net anescht. All d'Leit vun der Luxair sinn mat drun, fir sech op dësen „new normal“ ëmzestellen. Am Groussen Ganzen hunn quasi all Parameter déi mer fréier kannt hunn geännert. Dëst bedeit, dass vir all Leit vill méi Arbecht do ass an dass mer mussen mat Zäiten probéieren wat am beschten klappt, kommerziell an operationell.

Ech ginn zwee Beispiller. D'Leit buchen hier Reesen vill méi spéit, oft eréischt 7-10 Deeg am viraus. Normal muss eng Airline awer 14 Deeg am viraus spéitstens soen op se flitt oder net, soss kann den Passagéier gegebenenfalls Recht op eng Kompensatioun hunn. Dëst ass sou haut net méi méiglech. D'Luxair muss op Gefill, Streck fir Streck kucken op genuch Demande do wäert sinn fir ze fléien. Mat den Präisser ass et ähnlech. Am normalen gëtt den Vol méi deier wann een méi no bei den Départ kennt. Och dëst huet missen ugepasst ginn.

Bei LuxairTours mussen oft Flich zesummen geluecht ginn fir iwwerhaapt nach kennen ze fléien. Dëst wëssen mer leider dann och eréischt kuerz virum Vol, je no Situatioun. Dann hunn mer och manner Hotelen, déi nach op sinn an eis Leit hunn elo schon iwwer 10 Campagnes Publicitaires gemaach. All Woch kommen nei Offeren, wou all Kéier muss ganz enk mat den Hoteler an den Destinatiounen zesummen geschafft ginn.

D 'Lounge halen mer op fir den Service um Client, genuch Leit kommen awer net, an déi die kommen, sinn natierlech immens frou dass se op ass.

Am Cargo kommen méi Volen, déi bis zu 20% méi voll sinn wéi virdrun. Dëst bedeit och méi Camionen ze preparéieren an och hei een plus vun 20%. Also vill méi Arbecht. Kommerziell ass dat awer méi schwiereg, well vill vun dëser Marchandise méi manuell Arbecht brauch, sou dass deen plus sech net sou an den compten erëm fënnt.

Dann ass een groussen Besoin un Flexibilitéit gefrot , vun eisen Crews, Piloten ann och z.B. bei dem Passagéier Handling, déi dann hëllefen sief et am Cargo, bei der Santé oder och soss.

D'Solidaritéit am Betrieb ass grouss, an ech sinn houfreg op déi vill gudd Leit, déi bei der Luxair schaffen, hinnen soen ech Merci.

Haut ass een gudden Dag, den Accord vun haut weist, dass d'Actionnairen, d'Personal an d 'Regierung zesummen fonnt hunn fir zesummen mat der Luxair an d'Zukunft ze kucken.

Den wichtegsten Acteur feelt awer nach an der Konstellatioun, an dat ass den Client. Eisen Client kann weider Confiance an d'Luxair hunn an dofir wäert d'Luxair iwwert den Wanter een minimalen Réseau opriicht erhalen, och wann dat net ëmmer reng kommerziell sënnvoll ass. D'Luxair wëll do sinn fir hier Clienten an zielt drop dass den Client sech och an besseren Zäiten drun erënnert dass d'Luxair fier hien do war an responsabel duerch d'Kris gaangen ass.

Perséinlech ass et mir wichteg dass den Client net nëmmen den Präis an Betruecht hellt, zumools no dëser Crise, den sozialen Komponenten, den Service an d'Stabilitéit sinn bal sou wichteg, wann net nach méi wichteg.